1-2020-0-2-6433-01 (n°3504)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : **Jeff Engelen**

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2021

PL 7802

4

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, **datt**

- **den Horeca-Secteur nach ëmmer net ouni Aschränkungen am Respekt vu de perséinleche Schutzmoossname fonctionéieren däerf;**
- **all Beweis vun engem méi héijen Ustiechungsrisiko hei am Verglach mat anere Commercen, déi schaffen däerfen, feelt;**
- **d'Fonctionéiere vum Secteur grad wann d'Wieder den Openthalt am Fräien agreabel mécht, positiv Auswierkungen op de Gemittszoustand huet;**

ass sech bewosst, datt

- vill Betriber déi ouni hir Schold a vun der Regierung verursaachte Manner-Recetten net méi laang wirtschaftlech verkraafte kënnen;
- vill Betriber investéiert hunn, fir esou gutt wéi méiglech ënnert de Restriktioune kënnen ze schaffen, och z.B. duerch d'Opstelle vu Wiederschutz op den Terrassen;

fuerdert d'Regierung op, am Fall, wou d'onageschränkt Opmaache vun den Hoteller, Restauranten a Kaffien net decidéiert gëtt,

- d'Autorisatioun fir Terrassen vu 6 Auer mueres bis 10 Auer owes ze decidéieren;
- den Entreprisen ouni Aschränkung ze erlaben, hire Clienten op den Terrasse Wiederschutz ze bidden, och a Form vun Zelter.

Jeff Engelen

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**